N°3922
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

„Och wann de Konsum vu Fleesch éischter réckleefeg ass, sou ass d''Zuel vun de Metzlereien a Frankräich zanter der Pandemie vun 2020 weider eropgaang (vu 16.000 (2019) op eppes iwwer 18.000 (2024)). Dat hätt och domat ze dinn, datt d'Konsumenten an eisem Nopeschland de "Commerce de proximité" nach ëmmer wäertschätzen. Och d'Zuel vun de Leit, déi an dëser Branche schaffen, ass a Frankräich gewuess.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Metzlereien hei am Land zanter 2020 entwéckelt? Gëtt et eng änlech Evolutioun wéi a Frankräich?
- Wéi vill Leit schaffen de Moment an där Branche vun eiser Wirtschaft? Wéi huet sech hir Zuel zanter 2020 entwéckelt?
- Wéi vill Schluechthaiser sinn aktuell aktiv um Territoire vu Lëtzebuerg a wéi ass hir Produktioun zanter 2020 verlaf? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu